ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 18/01/2023

Rapport vun der Kommissioun fir nohalteg Entwécklung

Sëtzung vum 7 Dezember 2022

Präsenzen

Present (Quorum 50% , ≥6)	Net present	Observateuren a Experten
Philippe CHENNAUX (President) Marc FRANK Patrick KRAEMER Carlo KOEPP (Sekretär) Ambrus PORCSIN Joske VOSMAN (Vize-President)	Jean-Jacques BUTTEL (entschëllegt) Pierre ESPEN (entschëllegt) Claude HETTINGER (entschëllegt) Jacques HUSS (entschëllegt)	

Dagesuerdnung

Déi folgend Dagesuerdnung gouf op d'mannst 2 Deeg virun der Sëtzung un d'Memberen (developpement.durable@helperknapp.lu) an op odj@helperknapp.lu verschéckt, respektiv nodréiglech, op Ufro vu Memberen oder dem Schäfferot, ugepasst

1. Begréissung & Presenzelëscht
2. Remarquen zum leschte Rapport
3. Ëmwelt-Charta
4. Grouss Botz Oktober

Helperknapp, 18/01/2023

Punkt 1 : Begréissung, Präsenzelëscht

6 vun 10 Memberen waren präsent.

Punkt 2 : Remarquen zum leschte Rapport

Et gouf keng weider Remarquen zum leschte Rapport.

Punkt 3 : Ëmwelt-, Nohaltegkeet-Charta fir d' Veräiner

De Philippe Chennaux huet eng neie Versioun vun der Charta präsentéiert an zirkuléieren gelooss.

Zur Erënnerung: am Oktober 2020 hu mir un enger Charta geschafft, no engem Layout op e puer Säiten vun der Gemeng Käerjeng, an d' Gemeng huet eis encouragéiert dorun weider ze schaffen. An der Kommissiounen hate mir eis dorops gëeenegt, eng iwwersichtlech Versioun vun der Charta auszeschaffen déi op eng Säit passt an déi am Mäerz 2021 als Layout virlouch an déi un d' Gemengerot weidergereecht gouf.

Den 17 Juni 2021 gouf d' Charta am Gemengerot diskutéiert an aus diverse Grënn net ugeholl. Dëst kann een nolauschteren an der Audio-Datei vum 17 Juni 2021 an der Websäit vun der Gemeng, oder noliesen am Kommissioun' s Rapport vum 6 Juli 2021.

An der Tëschenzäit ass d' Charta awer **e festen Bestanddeel vun eisen Klimapakt 2.0 Verpflichtungen** ginn a gëtt so mat auditéiert. Et ass also wichteg esou schnell wéi méiglech eng Nohaltegkeet Charta, natierlech zesummen mat den Veräiner, als festen Bestanddeel vun der Gemenge Politik ze verankeren.

Déi nei oder virgeluechte Versioun orientéiert sech un der Charta déi an der Gemeng Schëtter "en vigueur" ass. Hei zou de Link https://www.schuttrange.lu/media/638dfa6a270f5_charte-developpement-durable-pour-associations.pdf. Mir kruten den Akkord vu Schëtter fir eis Charta änlech opzebauen.

Den Text vun der Charta gouf fir eis Besoinen iwwerschafft, op Lëtzebuergesch a Franséisch, an erstreckt sech mat vill grafeschen Elementer a Piktogrammen iwwer 8 Säiten.

Beim gemeinsamen duerchliesen goufen Texter verbessert oder adaptéiert. Mir hunn eis och dorops gëeenegt dat d' Veräiner sech net verpflichten, mee engagéieren sollen. An den eenzelen Kapitelen, z.B. am Punkt "Manifestatiounen", gouf et munch Widderhuelungen vun Engagementer a mir hunn dat korrigéiert.

Verschidden aner Punkten goufen rëm ugeschwat:

- D' Uwenden vun der Charta als Krittär Punkt fir d' Subsiden. **Dëse Punkt gouf an der Sëtzung unanime approuvéiert**
- D' Wichtegkeet an d' virrangeg Benotzung vum Drénkwaasser (Joske)
- D' Uwendung vun dee Begréffer "vegetaresch/vegan"

Punkt 4 : Groussbotz am Oktober

Déi zweet Groussbotz vun dësem Joer war den 8 Oktober. De Marc Frank rapportéiert dat d' Participatioun méi geréng war ewéi am Fréijoer. Den Interessi huet sech so mat a Grenze gehal an zou Béiwen war keen dobäi.

Insgesamt konnt een och feststellen dat manner Offall an der Natur louch wéi am Fréijoer. Doropshin hu mir diskutéiert ob et Sënn mech am Joer 2 Botz Aktiounen duerchzeféieren. Als Conclusioun wëlle mir 2023 nach just d' Ouschterbotz organiséieren an als Termin hu mir elo mol den 1. Abrëll 2023 fixéiert.

Alternativ kéint een eventuell och laanscht Baachen botzen. (Philipp)

Nächst Sëtzung

Déi nächst Sëtzung ass den 1 Februar um 19h00 am Gemengerotssall.

Administration communale Helperknapp
2, rue de Hollenfels | L - 7481 Tuntange
28 80 40 – 1
commune@helperknapp.lu
helperknapp.lu
@helperknapp

KlimaPakt EUROPEAN ENERGY AWARD
Meng Gemeng engagéiert sech